



Groupe parlementaire

Dépôt: Fernand Kartheiser

3

MOTIOUN

Lëtzebuerg, de 14. Dezember 2022

Projets de loi n° 8080 & 8081

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- déi national Staatsverschuldung an der vergaangener Legislaturperiod staark geklommen ass;

ass sech bewusst, datt

- d'Zënsen an de vergaangen 12 Méint no engem laangen Déifstand nees staark geklomme sinn an dës Entwécklung aller Viraussicht no och déi nächst Jore wäert unhalen esou datt Lëtzebuerg geschwënn e puer honnert Milliounen Euro pro Joer un Zënslaascht muss bezuelen;
- héich Scholdzënsen de budgetäre Spillraum vum Staat staark aschränken;
- déi héich Verschuldung an déi entspreichend Zënsen och déi zukünfteg Generatioune belaschten;

fuerdert d'Regierung op,

- e Gesetzesprojet op den Instanzewee ze bréngen, deem d'Gesamtverschuldung vum Lëtzebuerger Zentralstaat op maximal 30 Prozent vum PIB limitéiert.

Fernand Kartheiser